PIRATEN
SEKTIOUN PÉITENG

Péiteng, 19/03/2024

Péiteng brauch seng Policebeamten:innen zeréck

Am Péitenger Gemengerot vum Meinden 18te Mäerz hunn eis véier Piraten am Gemengerot gefuerdert, dass d'Polizist:innen, déi wéinst dem Heecheverbuet an d'Stad ofgezunn gi sinn, erëm zeréck an hiert Kommissariat Péiteng/Käerjeng. D'Piraten hunn dofir eng schréftlech Resolutioun am Gemengerot presentéiert. Eis Fuerderung ass kohärent mat eiser Linn, déi mir och um nationalem Niveau an der Chamber vertrieden.

Mir waren net iwwerrascht, dass den CSV-Vertrieder a siichtbarer Nervositéit an Onbehagen mat Hänn a Féiss géint eis Resolutioun argumentéiert huet, woubäi Villes aus dem Kontext gerappt gouf an den Toun net ugepasst war fir den demokratesch gewieltene Vertrieder vun enger Majoritéitspartei. Et ass allerdings verständlech, dass een net oppen géint säin Parteikolleg an Inneminister am Gemengerot géif virgoen.

Méi iwwerrascht war d'Piraten iwwert Verhalen vun der LSAP souwei déi Gréng, déi eng ganz aner Meenung vertrueden hunn, wéi hir Kolleegen um nationalem a kommunalem Niveau, wou si sech oppen géint den Ofzuch vu Polizisten asetzen.
Déi Gréng argumentéieren, se hätten den Text vun der Piraten-Resolutioun net gutt fonnt. Erstaunlech, well d'Fuerderung am Text genee déi selwecht ass, wéi déi, déi d'Sektioun Déi Gréng zu Diddeleng.

D'LSAP, déi sech national a kommunal grouss fir méi Sécherheet asetzt an een Ofzuch vun de Polizisten aus der Stad fuerdert, war zu deem Thema gëschter guer näischt ze héieren. Erstaunlech: kee Kommentar, ouni Asaz fir hir eegen Iwwerzeegungen a mucksmäuschenstill souzen d'Vertrieder:innen vun de Sozialisten an hu sech, wéi et schéngt, mat den Erklärungen vun der CSV gutt konnten identifizéieren.

Wärend bei der DP an de lëschte Wochen d'Press beriicht hat, dass een sech mat der CSV beim Thema Heescheverbuet net eens wär, ass et zu Péiteng wuel sou, dass DP ganz gutt domadder ka liewen.

Fir d'Piraten hunn d'Vertrieder vun deenen anere Parteien am Péitenger Gemengerot eng falsch Entscheedung getraff. Hätten déi Gréng an d'LSAP zu hirem wuert gestanen, dann hätt sech gëschter zesumme mat de Piraten eng Majoritéit fonnt, als Zeechen géint dem Inneminister Gloden seng

feehlerhaft Sécherheetspolitik.

An Zukunft dierf de Wieler sech froen, ob LSAP an Déi Gréng et nach eescht mengen mat hiere Rieden. Wann et drop ukennt, hu si elo gewisen, dass si net zu hirem Wuert stinn. Hir Akzeptanz mat der CSV zu Péiteng léisst déif blécken, wéi si zu de Grondwerter vun der Mënschlechkeet stinn a wéi si d'Sécherheetssituatioun an hirer Gemeng bewäerten

D'Piraten wäerten déi selwescht Resolutioun nach an anere Gemengeréit zum Vott stëllen, wou mir vertrueden sinn, fir ee kloert Zeechen ze setzen. Op eist Wuert ass Verloss, mir wäerten eis weider dofir asetzen dass d'Policebeamten:innen do bleiwen, wou se virgesinn waren: an hiere Gemengen.

*Link zum Video aus dem Gemengerot:*https://www.youtube.com/watch?v=SmbI0pNtMl4&t=4923s
Link zur Motioun vun Déi Gréng: https://dudelange.greng.lu/2024/02/05/motioun-breif-un-den-innenminister-weinst-secherheetsbedenke-zu-diddeleng/
Link zur Fuerderung vun der LSAP: https://lsap.lu/meine-deine-unsere-sicherheit/